LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 25 OCT. 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°4932 du 6 septembre 2021 de l'honorable député Monsieur Fred Keup, concernant les annonces à l'aéroport de Luxembourg, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Ufro n° 4932 vum 6. September 2021 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup iwwer d'Duerchsoen um Fluchhafen**

D'Fluchhafegesellschaft lux-Airport S.A. informéiert, datt d'Käschte fir sou e personaliséierte Produit am mëttlere fënnefstellegen Euro-Beräich leien.

Ausserdeem ass eng komplett Erneierung vum System amgaangen, déi bis d'Summersaison 2022 ofgeschloss ass a wou déi lëtzebuergesch Sprooch integréiert gëtt.

An dësem Kontext géing zu dësem Moment en zousätzlechen Investissement hei net wierklech Sënn maachen.

Et gëllt nach eng Kéier drop hinzeweisen, datt et hei just em déi automatesch Usoe geet. Fluchusoe bei de Boarding Gates an Informatiounsusoen op Lëtzebuergesch ginn, wéi bis elo, manuell vum Personal gemaach. Dës Méiglechkeet gëtt och ënnert dem neie System erhalen.

De Choix vun de Sproochen ass dorobber ausgeluecht, datt ee Maximum vu Passagéier d'Usoe verstinn an Englesch ass déi international Sprooch op déi een net verzichten kann.